

konzentrieren a Wäissrussland, wou mer eng Eestëmmegkeet ouni Zweifel hei hunn, a wat déi schrecklech Situatioun vun deem Krich an der Ukrain uegt, géif ech mengen, dat mer eis eng Kéier mat der Situatioun an dem Rôle vu Wäissrussland géifen auserneesetzen. Dat kënne mir gär an enger Kommissioun maachen, an da kucken, wat eventuell an engem méi breede Kontext ... Souwiso lafe ganz vill Initiative vun deenen engen a vun deenen aneren, fir ze kucken, wéi een dee Konflikt kann op en Enn bréngen. Wäissrussland huet do vläicht eng Roll ze spillen, an dofir géif ech elo net mat Verurteilungen operéieren, mee mat Diplomatie an Dialog.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Bon, mir hätte se matënnerschriwwen, d'Resolutioun, wann een eis gefrot hätt. Dovun emol ofgesinn, kann ech all Punkt dovunner ënnerstëtzen. Ech menge souguer, datt den Här Kartheiser hei probéiert, Hoer ze spalten, wann e behaupt, datt Wäissrussland, Belarus, net an de Krich implizéiert gewiescht wär. Et ass nämlech esou, datt russesch Truppen iwwert den Territoire vu Belarus an d'Ukrain agefall sinn an deementsprechend Belarus un deem Effort de guerre vum Wladimir Putin definitiv bedeelegt war, och wa si schlussendlech net eegen Truppen, déi scho mobiliséiert waren, an d'Land geschéckt hunn, dat wuel – sou schéngt et zumindest an esou Open-Source-Intelligence-Kreesser ze heeschen –, well d'Armée refuséiert huet, dat ze maachen, wat iwwregens och op eng ganz interessant Dynamik an deem Staat Belarus hindeit.

Et ass fir eis ganz kloer, datt politesch Prisonéier net dierfe sinn, datt Journalisten net an de Prisong gehéieren an datt deementsprechend all Regimm, deen dat mécht, muss condamnéiert ginn. Et ass, mengen ech, och richteg, datt d'Chamber hei nach eng Kéier hire Support fir demokratesch Oppositionsforcen expriméiert. Mir sinn e Parlament, mir setzen hei alleguerten zesummen, well mer hei zu Lëtzebuerg en demokratesche System hunn, dee funktionéiert. A wéi séier a wéi nobäi sou eppes kann zesummebréchen, dat gesi mer eebe grad ënner anerem a Belarus. An dofir ass et ganz wichteg, datt mir als Chamber hei e kloer Message schécken a soen: „Demokratie ass wichteg!“, an deementsprechend och d'demokratesch Oppositionskräfte ënner der Madamm Tichanowskaja wäerten ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. Ech ginn nach eng Kéier d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Resolutioun, d'Madamm Lydia Mutsch.

**Mme Lydia Mutsch (LSAP), auteure** | Jo, merci, Här President. Als Éischt wéilt ech mech bei de Kollegee vun de Piraten entschëllegen, well wéi ech meng Ronn gedréit hat, do hat ech Iech net direkt gesinn an do herno hat ech vergiess, nach eng Kéier bei Iech laanschtzekommen. Ech freeë mech awer, dass Dir dës Resolutioun Är Zoustëmmung gitt. Ech mengen, et ass dat, wat zielt.

Ech hätt mech natierlech nach méi gefreet, wa een hätt kënne unanime iwwert déi heite Resolutioun ofstëmmen. Dat schéngt elo net onbedéngt de Fall ze sinn. Den Här Kartheiser freet, fir dee Saz „implication du Bélarus dans la guerre injustifiée et non provoquée que la Russie mène contre l'Ukraine“ ze sträichen. Am Contraire zu deem, wat Dir gesot hutt, steet hei net „l'implication militaire du Bélarus“, mee eng Implikatioun vum Belarus an deem dote Krich ass awer absolut net ze leugnen, an dofir si mir der

Meenung, dass dee Saz hei soll drableiwen. Do gëtt et e Lien, an dat muss och hei als Lien opgefouert ginn. A mir sinn dowéinst mat Ärer Proposition net d'accord. Ech bedauern dat, mee ech mengen, d'Resolutioun wier awer gutt an där Form, wéi se hei presentéiert ginn ass, natierlech idealerweis mat der Ennerschrëft och vun de Piraten. Dat huelen ech dann op mech.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Mutsch.

Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun dëser Resolutioun kommen.

### **Vote sur la résolution**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Resolutioun ass mat 54 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a 4 Abstentiounen ugehall.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mme Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Se sont abstenus :* MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

## **15. 7890 – Projet de loi portant modification du Code du travail en vue d'introduire un dispositif relatif au droit à la déconnexion**

Da kënne mer elo zum Gesetz iwwer en Dispositif fir den Droit à la déconnexion kommen, bei deem den Här Dan Kersch de Rapporteur ass, deen direkt d'Wuert kritt.

### **Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

**M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur** | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech mengen, mir sinn eis ganz séier hei am Sall eens, dass et wichteg ass, dass een déi digital Entwécklungen um Aarbechtsmarché an an der Aarbechtswelt am Bléck behält. Et ass warscheinlech och dat, wat d'Regierung derzou beweegt huet, 2018 bei hirem Koalitiounsprogramm en Droit à la déconnexion ze schafen. Effektiv ass et wichteg, esou en Droit à la déconnexion nei an d'Aarbechtsgesetzbuch anzeschreiwen, well esou eng Reegelung a sech haut just indirekt am aktuelle Code de travail drasteet an et wichteg ass, kloer ze definéieren, wéi dat sollt an Zukunft gehandhaabt ginn.

Mir stëmmen also haut iwwer e Gesetz of, dat eng legal Reegelung vum Droit à la déconnexion ausserhalb vun deem, wat een als normal Aarbechtssäit ugesäit, virgesäit. D'Reegelung wäert, wéi ech et virdru gesot hunn, am Code du travail eng eege Plaz fannen, wou et ënnert dem Titel „Le respect du droit à la déconnexion“ wäert stoen. Ënner anerem wäert d'ITM nei Rechter kréien. Si wäert kënne Sanktiounen ausschwätzen, wa sech net u verschidde Bestëmmunge vum Gesetz gehale gëtt.

Och sollen – an dat ass wichteg – d'Sozialpartner beim Ausschaffe vun enger entsprecherender Reegelung matabezu ginn. Bei de Kollektivvertragsverhandlung muss obligatoresch an Zukunft den Droit à la déconnexion traitéiert ginn. Do, wou et kee Kollektivvertrag oder en ënnergeuerdenden Accord gëtt, muss eng Reegelung um Niveau vum Betrib fonnt ginn.

De Gesetzesprojet berout op engem Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot vum 30. Abrëll 2021. Deem virausgaange war iwwregens eng Rei vun Diskussiounen um Tripartitt-Niveau, och iwwert den Droit à la déconnexion.

De Gesetzesprojet gesäit dann och nach vir, dass d'Sanktiounsmesure fir all Employeuren, deenen hir Salariaéen digital schaffen, zur selwechter Zäit a Kraaft trieden. Dat wäert no dräi Joer de Fall sinn, onofhängeg dovunner, ob si ënnert engem Kollektivvertrag schaffen oder net.

Ech verstopen net, dass et genau iwwert déi doten Dispositioun an der Kommissioun Diskussiounen gi sinn, wou vill Leit – ech a meng Fraktioun hunn och dozou gehéiert – éischer der Meinung waren, dass et besser gewiescht wär, mir hätte kënne déi Dispositioun iwwerhuelen, wéi se an der ursprénglecher Fassung virgesi war, nämlech dass fir déi Leit, déi an engem Kollektivvertrag sinn, dräi Joer sollt als Delai gëllen a bei deenen anere Betriber ee Joer, sou wéi et och am Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot virgeschloe ginn ass. Aus deene bekannte Grënn, op déi ech duerno nach zrëckkommen, war dat net méiglech, soudass et also elo wäert esou sinn, dass et an alle Betriber wäert dräi Joer daueren, bis Sanktiounen bei Netbeuechtung vum Gesetz kënne ausgeschwat ginn.

De Projet de loi ass den 28. September 2021 vum Aarbechtsminister deponéiert ginn. Duerno hunn eng Rei vu Berufschamberen hiren Avis ginn. Deen éischen Avis hu mer den 19. Oktober 2021 (veuillez lire: den 19. Oktober 2021) vun der Chambre des Salariaés kritt. D'Berufschamber gëtt hiren Accord zum Gesetzesprojet. Den 22. Februar 2022 huet d'Staatsbeamtekummer hiren Accord ginn. Och d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hann an hirem gemeinsamen Avis vum 7. März 2022 den Accord zum Gesetzesprojet. Ech wëll betounen, dass et u sech aussergewéinlech ass, dass d'Chamberen praktesch unanime hei engem Gesetz d'Zoustëmmung ginn. Dat kënnt net esou oft vir, mee dat huet eppes dermat ze dinn, dass dat Gesetz hei jo op deem gemeinsamen Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot berout an d'Sozialpartner sech jo am Prinzipp schonn eens waren.

De Staatsrot huet säin Avis den 28. Juni erausginn. An deem Avis waren zwou Opposition-formellé formuléiert. D'Kommissioun huet de 24. November 2022 de Gesetzesprojet presentéiert an do goufen och all déi jeeweileg Avisen, déi ech elo ernimmt hunn, ganz genau examinéiert. De 6. März 2023 (veuillez lire: De 6. Abrëll 2023) sinn eng Rei vu parlamentareschen Amendementer decidéiert ginn, ënner anerem fir den Opposition-formellé Rechnung ze droen.

A sengem Avis complémentaire vum 16. Mee 2023 huet de Staatsrot seng zwou Opposition-formellen

opgehuewen a säin Accord zum amendéierte Gesetzsprojet ginn. An der Sëtzung vum 25. Mee dëst Joer gouf ech als Rapporteur vum Gesetzesprojet designéiert. D'Kommissioun huet de Rapport den 8. Juni guttgeheescht.

Erlaabt mer nach, Léif Kollegeinnen a Kollegen, och nach den Accord zu dësem Projet de loi vu menger Fraktioun ze ginn, déi frou ass, dass mat dësem Gesetz e weidere Punkt vun hirem Walprogramm realiséiert gëtt.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kersch.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Merci och un de Rapporteur Dan Kersch, dee schonn am Detail op de Projet agaangen ass. Ech well och soen, dass ech och zu deene gehéieren, déi där Meenung sinn, dass een hätt missen deen Accord esou ëmsetzen, wéi d'Sozialpartner en ofgemaacht hunn. An ech bedauern deen Asproch, deen do säitens der héijer Kierperschaft, Staatsrot genannt, komm ass. Ech hat och de Minister deemools an der Kommissioun gefrot, ob – ech well dat och hei widderhuelen – een net och d'Méiglechkeet gehat hätt, sech driwwer ewechzesetzen, mee mir wëssen, wat dat alles da fir Konsequenzen hätt kënnen hunn, well ech et och komesch fannen, wa Sozialpartner sech eens gi sinn. An Dir hutt héieren, opgrond vun den Datumen, déi de Rapporteur hei genannt huet, wéi séier d'Avise vun de jeeweilege Berufschamberen do waren an och dass e gemeinsaamt Dokument virgeleeën huet an dass een dat dann nach esou gesäit.

Mee ech mengen, eis Kollegen aus der Institutionskommissioun hu jo och dës Woch – oder net dës Woch, mee a leschter Zäit – nees och eng Kéier d'rout Kaart kritt wéinst engem Projet, wou et net gaangen ass, wou och do déi héich Institutioun drop higewisen huet. Dofir si mer alt frou, dass et net nëmme beim Travail ass, mee dass et och anere Kommissiounen ka virkommen, wou deementspriedend Oppositionen vum Staatsrot kommen.

Mee ech wollt och ënnersträichen: Och ech sinn ee vun deenen, déi à tout moment net oppassen, wivill Auer et ass, an da schreift een eng SMS, eng WhatsApp oder e Mail. Ech wäert dann och elo probéieren, och wann deejéineg kann de Computer ausmaachen, wann ech amgaang sinn ze schreiwen ...

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Dir schreift jo elo gläich der Madamm Cahen keng Maile méi.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Neen. O dach, ech schreiwen hir och nach. O Mamm, wann Dir wéisst, wat mir eis alles schreiwen!

(Exclamations et hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Keng Detailer, Här Spautz!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jo, well wéi ass virdru gesot ginn? „Dir braucht mech och näischt am Detail ze froen dozou“, gell? Do gëtt et och nach en ... Jo.

Ech mengen, dass et och dofir gutt ass, dass mer de Leit, de Salaréien, d'Méiglechkeet ginn, dass se dat hunn. Ech well awer och drop hiweisen, dass mer, wa mer eng Diskussioun wäerte féieren iwwer Flexibiliséierung an Aarbechtszäit, nach sécherlech wäerten eng Kéier heidrop mussen zrëckkommen, well elo am Gesetz steet: vun 20.00 bis 8.00 Auer. Dat sinn zwielf Stonnen. Wa mer eng Kéier eng Diskussioun féieren

iwwer eng aner Aarbechtszäitorganisatioun, wäerten dat alles Punkte sinn, déi do och sécherlech nach eng Kéier zur Diskussioun wäerte kommen.

Ech well awer och am Numm vun der CSV ënnersträichen, dass mir frou sinn, dass deen dote Problem elo definitiv provisoresch fir dräi Joer – oder an dräi Joer gesi mer, wat domat geschitt ass – geléist ass, well et ass ee vun den Hauptproblemer, dee sech am Teletravail gestallt huet. An ech weess jo och, well ech jo och d'Chance hunn, Member ze sinn, dass mer och an deenen nächste Woche wäerten de Rapport virleien hu vun der Souscommission „Télétravail“, wou och am Ufank eng Diskussioun iwwert den Teletravail stattfonnt huet, dass mer dat och hu misse maachen.

Wa mer elo schwätzen iwwer Droit de la déconnexion an alles, iwwer Strofen an alles, wat géif kommen, hu mer och eng Motioun virbereet, wou ech awer muss fairnesshalber soen: Do war e Feeler vu menger Säit dran. Ech hat „deux ans“ geschriwwen an et misst „trois ans“ sinn, well Dir hutt alleguerter verstanen duerch d'Ausféierung vum Rapporteur, wa mer géifen no zwee Joer schonn eng Kontroll maache fir eppes, wou dee leschten Deel no dräi Joer eréischt géif a Kraaft trieden, dat wier vläicht e bëssen en Non-sens.

An ech sinn och frou, dass sämtlech Fraktiounen, déi heibanne vertruede sinn, d'Majoritéitsfraktiounen an och alleguerter d'Oppositionsfraktiounen – ech hat se alleguerter fonnt, Madamm Mutsch –, matënerschriwwen hunn. An ech géif domadder och Iech, Här President, dës Motioun ginn, wou mer soen, dass mer duerno gären eng Evaluatioun hätten iwwer alles dat, wat an der Dekonnexioun stattfonnt huet. Wann ech gelift, Här President.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

– *considérant que depuis la pandémie de Covid-19, la mise en place massive du télétravail et l'utilisation permanente des technologies présentent de nombreux avantages pour les salariés tels qu'une meilleure flexibilité, un meilleur équilibre vie professionnelle-vie privée et une réduction des temps de trajet, mais aussi de nombreux risques comme une augmentation du temps de travail ou une fragilisation de la santé mentale et physique ;*

– *sachant que le surmenage chez les salariés est également susceptible d'avoir des suites néfastes pour les entreprises comme une baisse de productivité et un taux d'absentéisme plus élevé ;*

– *considérant qu'il est donc essentiel de surveiller la frontière entre vie professionnelle et vie privée des salariés ;*

– *considérant le projet de loi n° 7890 portant modification du Code du travail en vue d'introduire un dispositif relatif au droit à la déconnexion qui est à l'ordre du jour de la séance publique du 13 juin 2023,*

*invite le Gouvernement*

– *à prévoir une évaluation du droit à la déconnexion au sein des entreprises trois ans après son application.*

(s.) Marc Spautz, Myriam Cecchetti, Sven Clement, Jeff Engelen, Carole Hartmann, Dan Kersch, Charles Margue.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz.

**M. Marc Spautz** (CSV) | A fir de Rescht géif ech d'Zoustëmmung gi vun der CSV zum Projet 7890 an ech hoffen, dass mer do eppes zu der Work-Life-Balance vun de Salaréien hei zu Lëtzebuerg bäigedroen hunn.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Spautz. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel

Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Här President, Kollegeinnen a Kollegen, virop dem Rapporteur villmools merci, dee mer et wéinst sengem ganz explizitte Rapport erméiglecht, vläicht e bësse méi kuerz ze sinn. Den Här Spautz hat et schonn ugeschwat: Den Teletravail huet am Fong eis Aarbechtswelt och e bësse verännert. Duerch d'Digitaliséierung an och während der Pandemie huet den Teletravail hei zu Lëtzebuerg staark zougeholl. Obwuel den Teletravail vill Virdeeler bitt, besteet awer och e gewëssene Risk, datt d'Privatlieden an d'Berufsliesen ze vill aneneen iwwerginn. Et fält net jidderengem licht, kloer dat eent vun deem aneren ze trennen an och emol ofzeschalten, grad wa viles vun der Aarbecht iwwert den Handy ofleef. Ënner anerem aus dësem Grond ..., net nëmme, mee och dëst ass ee Grond, firwat dëse Projet de loi ausgeschafft ginn ass, deen e Recht op Dekonnexioun an eise Code du travail aschreift.

An deem Kontext begréisst meng Fraktioun ganz ausdrécklech, datt de Sozialdialog hei respektéiert gouf. Dëse Gesetzestext baséiert op engem Raccord tëscht Sozialpartner souwéi engem Avis vum Conseil économique et social, deen am Virfeld presentéiert gouf.

Mir begrëssen och, datt dëst Gesetz de Betriber eng gewëss Flexibilitéit bei der Ëmsetzung vum Recht op Dekonnexioun erlaabt. Ech hu schonn ëfters dorobber higewisen, datt rigid Gesetzer de Funktionement vun eise Betriber behënnere kënnen. Ausserdeem – an dat ass eis als Demokratesch Partei ganz wichteg – ass all Betrib anescht a sollt dohier autonom an Zesummenaarbecht mat senger Salaréien iwwer eege Funktionementsprozesser decidéiere kënnen.

De Conseil économique et social huet a sengem Avis och dorobber higewisen – dat ass nach net gesot ginn –, datt d'Sensibiliséierung an d'Formatioun och e wichtige Stellenwäert hunn, net nëmme fir d'Aarbecht, nee, eise ganzen Alldag ass ëmmer méi enger permanenter Konnexioun ausgesat. Eisen Ëmgang mat der Digitalisatioun an hiren Outile gëtt dohier och ëmmer méi wichteg. Richteg agesat vereinfacht d'Digitaliséierung eis ganz viles an erméiglecht och d'Flexibiliséierung vun der Aarbecht. Zesumme mam Recht op Dekonnexioun, dat mir heimadder aféieren, garantéiere mir déi gesetzlech Aarbechtszäitlitten och ausserhalb vum Büro, ouni datt de Funktionement vun eise Betriber onnéideg verkomplizéiert gëtt.

Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann. An da wier et um honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, hei hunn der schonn e puer dekonnectéiert, wann ech an de Sall kucken – oder zäitweileg. Et ass hiert gutt Recht, géif ech mengen.

(Interruption)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Margue, Dir muszt zum Gesetz schwätzen.

(Hilarité)

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Jo, mee ech wollt kucken, dass ech d'Opmierksamkeet kréich fir meng Ried. Merci.

Merci dem Rapporteur fir dee gudde Bericht. Den Droit à la déconnexion war bis elo net explizitt an direkt am Aarbechtsrecht virgesinn, wéi et scho gesot ginn



ass, mee ergëtt sech éischter indirekt aus den Dispositionen iwwert d'Aarbechtszäit a Gesondheet a Sécherheet op der Aarbecht. An eisem Regierungsprogramm ware mer eis eens ginn, de Prinzip vum der Dekonnexioun an eis Gesetzgebung anzuschreiben. Dat maache mer haut an dat ass an deem Sënn gutt elo.

Aus mengem eegene Berufsliewe kennen ech déi Problematik zënter laange Joren. Si ass parallel gewuess mat der Entwécklung a Verbreedung vun den „Informationstechnologien“, wéi mer dat virun ongeféier 30 Joer genannt hunn: GSM, duerno Smartphone, 3G, 4G, 5G, vum Computer zum PC, mat engem VPN, alles an der Cloud gespäichert, also disponibel. Vill heibanne kennen d'Geschicht. Déi méi Jonk ënner eis sinn automatesch op den Zuch opgesprungen, wéi e schonns ënnerwee war, an e fiert zimmlech schnell.

Wa mer vun Dekonnexioun schwätzen, dann hu mer iergendwéi ëmmer am Hannerkapp, dass mer en Apparat – oder wéi mer et soss nennen: en Device – ofschalten oder aschalten, ofschalten no a vun der Aarbecht, mee déi Fro gëtt et awer schonns ëmmer a vill méi laang, well et gouf nach ëmmer Leit, déi net vun der Aarbecht wollten oder konnten ofschalten: owes, iwwert de Weekend, an der Vakanz. Mir schwätzen dann – en Term, deen e weineg fort aus dem Gebrauch ass – vun de „Workaholics“, fir déi Aarbecht hiert ganz Liewe bedeet oder – an dat schléisst sech net aus – déi sech an d'Aarbecht flüchten, verkrauchen, a mengen, domat hir perséinlech privat, familiär Suerge kënnen ausblenden. Oft geet dat awer mat der Zäit schif aus an et ass eng bekannt Problematik vum Volet „Gesondheet op der Aarbecht“, ass also an där Hisiicht och fir Leit op der ITM eng bekannt Geschicht an och fir d'RHen, also d'Personalverwaltungen. Mee, wéi gesot, duerch déi technologesch Entwécklung krut d'Fro vum Ofschaltekenne, -mussen an -dierfen eng ganz aner Nues.

D'Sozialpartner, et ass scho gesot ginn, hu mat hirem Accord vum 20. Oktober 2020 iwwert den Teletravail, deen eng Obligation générale ginn ass, schonn den Term vum Droit à la déconnexion duun etabléiert. Dëse Projet de loi ass soumat och eng Illustratioun vun der Performance vun eise Sozialmodell a vum sozialen Dialog. Dat solle mer ëmmer erëm ënnersträichen.

De Marc Spautz ass drop agaangen, dass mer am Rapport vun der Souskommission „Télétravail“, dee mer deemnächst hei diskutieren, och déi Fro beliicht hunn, well déi zwou Froen enk matenee verflecht sinn, Teletravail an Droit à la déconnexion. Op Basis vun de Viraarbechte vum Conseil économique et social komplettéiere mir haut dann och de Code du travail ëm des Notioun.

D'Berufsskummere waren dann och schnell an hunn dem Projet zougestëmmt.

D'Gesetz ass gutt a wichteg. Ma nieft deem legale Kader sollte mir awer net ënnerschätzen, datt d'Fro vun der Dekonnexioun och eng vun der Betribskultur an dem Management ass. Aus eegener Erfahrung weess ech, dass et net einfach ass, eng Ekip ze féieren, wou verschidde Perséinlechkeeten a Kulturen zesummentreffen, zum Beispill Franko-Italieener, Franko-Maghrebiner, Däitscher, Spuenier, Franko-Fransouse mat Lëtzeburger, zimmlech déi selwecht Generatioun. Dat ass spannend, fir dat nozekucken, awer féiert och zu Spannungen, erfuerdert Geschéck, fir dass aus der Valfalt eng flott Ekip gëtt, wou d'Leit matenee kënnen.

An d'Dekonnexioun, déi ech do erlieft hunn, déi Problematik, war schonn ëmmer eng kriddeleg Fro vun der Charakteren hier, awer och vum Statut, Frontalier oder Resident, ob plein-temps oder temps partiel,

vun der Liewenssituatioun hier, ouni oder mat Kanner oder während Schwangerschaften, wat och op d'Disponibilitéit am Dag en Afloss huet. Déi eng si moies méi disponibel, déi aner owes oder respektiv owes méi spët, eng permanent Diskussioun, wou d'Regelwierk a virun allem Taktgefill gefuerdert sinn – eng subtil Mëschung!

Ech kommen zum Ofschloss. Et besteet also e Besoin, wéi d'Carole Hartmann et gesot huet, vu Sensibilisatioun, Diskussioun innerhalb vun de Firmen, nottament d'Formatioun vun de Chefs d'équipe, well grouss a kleng Cheffen, déi méi vu Kontroll vun hire Mataarbechter gedriwwen si wéi vum Vertrauen a si ... Et ass vläicht mënschlech, mee virun allem ass et d'Resultat vun engem falsch verstanene Leeschtungsprinzip, enger Managementslogik, déi keng ass. Autonomie a Vertrauen an d'Mataarbechter bréngen nach ëmmer e bessert Resultat a maachen d'Mataarbechter net krank.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Margue. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen (ADR) |** Merci, Här President. Léif Kolléeginnen a Kolléegen, ech wëll fir unzefänken dem Dan Kersch en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech mengen, et ass quasi alles gesot ginn, och vu menge Virriedner. Ech mengen och, d'Aarbecht huet sech déi lescht Joerzëngt verännert, ech mengen d'Aarbechtsverhältnissen. An och an engem Internetzäitalter muss de Salaré d'Recht op Ofschalte kréien, och wann déi nei Kommunikatiounen hie 24 Stonnen op 24 mat berufleche Kommunikatiounen beliwweren. Dann där awer kee verlaangen, datt een ëmmer muss déi dauernd iwwerwaachen. Ech mengen, och dat muss sinn, et ass jo mënschlech an et muss een och no der Famill kucken an et brauch ee jo och eng Gesondheet. De Conseil économique et social huet sech och derfir ausgeschwat, dëst Recht an dem Code du travail ze verankeren.

An ech mengen, et ass alles gesot, ech géif dann d'Zoustëmmung gi vun der ADR zu dësem Gesetz. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Engelen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) |** Merci, Här President. Här President, als Alléieréicht dem Rapport emol e grouse Merci fir säi mündlechen a schrëftleche Rapport. Meng Virriedner hu scho viles gesot. Op déi Punkte ginn ech dann och net méi an, well do kënnen mir eis dermadder ralliieren.

Et ass sécher e wichtige Fortschrëtt, datt d'Problematik ronderëm d'Recht op Dekonnexioun oder op d'Net-erreechbarkeet vun de Salaré mat dësem Gesetz an d'Aarbechtsrecht ageschriwwen gëtt.

Den Avis vum Conseil économique et social, deen d'Grundlag fir dëse Projet geliiwert huet, weist ganz gutt, wéi sech d'Aarbecht iwwert déi digital Kommunikatiounsmëttelen lues a lues an d'Privatliewe kann erafriessen an zu ëmmer méi schwammege Grenzen tëschent Schaffen a Fräizäit ka féieren. D'Beispiller, déi de CES eis beschreift, huet jiddere scho selwer materlieft, sief et als Employé oder als Employeur. Ech mengen, den honorabelen Marc Spautz huet et virdru gesot: Mir selwer schreiben och SMSen a Messagen an eiser Fräizäit an denken oft net drun, datt deen déi aner Sait awer Fräizäit huet, dofir si mir eis net direkt de Konsequenzen dovunner bewosst.

De Privathandy vum Salaré, dee gläichzäiteg vum Employeur als Kontroll- an Iwwerwaachungsmëttel ka genotzt ginn, oder Chatgruppen a Messagingapplikatiounen, wou permanent geschriwwen gëtt a sech Chatte mat Famill oder Frënn nieft de berufleche Gruppen erëmfannen, sinn e puer anschaulich Beispiller vun enger digitaler Aarbechtswelt, an där sech eppes ganz Grondleeëndes geännert huet: Wann een owes heem geet an de Büro zouspäert, ass d'Aarbecht net eriwier fir den Dag oder dee Weekend, sou wéi virun 10 oder 20 Joer nach, nee, se kann de Salaré um Heemwee bis heem an d'Stuff oder op de Kichen-dësch weider verfolge, well en ëmmer erreechbar ass.

D'Konsequenzen dovun si bekannt: Vill Salaré kënnen net méi richteg ofschalten, sech also och net méi déi richteg Zäit huelen, fir sech ze erhuelen an hirer fräier Zäit. D'Gefill, ëmmer mussen ze äntweren, just well et technesch méiglech ass, schafft Performancedrock a Konkurrenzdruck tëschent de Salaré, deem sech vill Leit net gutt entzäie kënnen. D'Privatliewe leit natierlech dorënner, well en Deel Opmierksamkeit ëmmer erëm nëmme bei der Aarbecht bleift. Stress an Erkrankungen – Burnout –, déi domadder verbonne sinn, huelen zou.

Den CES argumentéiert natierlech richteg, gradewéi och d'Auteurs vum Gesetzesprojet, datt déi dote Fäll ouni Recht op Dekonnexioun am Prinzip och eng Verlängerung vun der Aarbechtszäit duerstellen a soumat géint eng Rëtsch Dispositionen am Aarbechtsrecht verstoussen.

Esou einfach ass et awer an eisen Aen och net, well d'Fro ronderëm d'Dekonnexioun jo keng isoléiert Thematik ass, geneesou wéi d'Erreechbarkeet mat digitale Mëttelen net aleng stellvertriedend steet fir eng vill méi déifgräifend Verännerung vun der Aarbechtswelt an der Organisatioun op a ronderëm dëser Aarbecht. Sou dierf een zum Beispill net vergiessen, datt genee déi digital Tools och fir ganz vill Salaré derzou baidroen, dass hir Aarbecht ëmmer méi klengdeleg an intensiv gëtt weinst dëser permanenter Konnexioun, och innerhalb vun de legalen Aarbechtszäiten. An dat huet jo och en Impakt op d'Aarbechtsbelaaschtung an d'Wuelbefanne vun de Salaré.

Mir begrëssen, datt d'Recht op Dekonnexioun elo endlech an d'Aarbechtsrecht ageschriwwen gëtt a fir gutt d'Hallschent vun de Salaré an Zukunft Géigestand vu Kollektivvertragsverhandlungen soll ginn, a stëmmen dëst Gesetz dann och mat.

Fir Betriber ouni Kollektivvertrag gëllen och Obligationen fir d'Employeure mat Consultatiounen vun der Personaldelegatioun, wann et dann eng gëtt. Do, wou et keng Delegatioun gëtt, leet den Employeur de Regime da selwer fest, wat awer potenziell net onbedéngt muss besonnesch förderlech si fir d'Salaré. Dofir weist dëst Gesetz op en Neits, wéi dréngend néideg eng Stärkung vum Kollektivvertragswesen ass, fir dass méiglechst staark Bestëmmungen a Saachen Dekonnexioun fir méiglechst vill Salaré a Betriber agefouert wäerte ginn.

Et wäert dann awer och gläichzäiteg interessant sinn ze gesinn, wéi eng Regime d'Gewerkschaften aushandele kënnen a wéi eng sech mat der Zäit och bewäeren am Interess vum de Salaré, déi dann och fir d'Zukunft Erfahrung iwwere kënnen, fir am Interess vum alle Salaré den elo geschafene gesetzleche Kader weider ze stärken an ze entwéckelen. Et géllt also, dat heiten am A ze halen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den

honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, wie kennt et net? Et wëll een owes just nach séier e Message um Handy kucken an da stellt ee fest, datt een 30 Minutte méi spët nach ëmmer drop hänkt. Et huet een nämlech nach séier d'Maile gecheckt, et huet een nach eng Ufro aus dem Büro, déi per Chat erakoum, beäntwert, jo, an déi Kalennerufro wollt een awer och net leie loosse bis den Dag drop.

Eis digital Outile sinn am Aarbechtsalldag eng grouss Hëllef, mee se bréngen eis och heiansdo derzou, méi Aarbecht no Feierowend mat heem ze huelen, wéi mer eigentlech geplangt hunn. An do hu mir Deputéiert nach déi grouss Chance, datt mir eis eege Cheffe sinn a ganz eleng derfir responsabel sinn, wéi mir mat eisen Handyen, Laptops, Tabletten a soss ëmginn. Vill Leit hunn déi Chance net. Si schaffe fir e Patron oder eng Patronne a mussen dann erreechbar sinn, wann de Superieur et erwaart – zumindest wa si net ëm hiren Job fäerte wëllen.

A verschiddene Beruffer sinn d'Zäiten, an deenen een disponibel muss sinn, well een eventuell geruff kéint ginn, ganz kloer gereegelt. Dofir gëtt et Astreinten, mee net an allen. Hei stellen da vill Aarbechterinnen an Aarbechter sech d'Fro, ob si iwwer hiren Déngschthandy oder aner Moyenen ëmmer erreechbar musse sinn: Wéi séier gëtt erwaart, datt een op e Message äntwert? Zu wéi engen Auerzäiten? Bis wéini an ab wéini muss ee per Telefon, E-Mail oder Chat erreechbar sinn? Wéi ass et, wann een Homeoffice huet? Muss d'Bull am Teamchat déi ganzen Zäit gréng bleiwen oder däerf se och emol giel ginn?

Wann dës Froen net gekläert ginn – an domat mengen ech kloer gekläert –, da kann dat e grouss Stressfacteur duerstellen. Wann een ni sécher ass, ob een elo wierklech eng Zäitchen net erreechbar dierf sinn, an ëmmer fäerte muss, wat da wär, wann een e Message géif verpassen, jo, da kann een net ofschalten. Dat betrëfft d'Zäit doheem, dat betrëfft awer och ëmmer méi d'Mëttespaus, déi am Gesetz kloer verankert ass. Datt dat eng grouss Gefor fir déi mental, awer och kierperlech Gesondheet ass, dat muss ech sécherlech kengem méi erklären.

Mir Piraten ënnerstëtzen dofir de virleiede Projet, dee virgesäit, datt all Patronen a Patronnë mussen e kloer Regimm opstellen, aus deem ervirgeet, wéini d'Employéen erreechbar musse sinn a wéini se vun hirem Droit à la déconnexion Gebrauch kënne maachen. Et ass en Text, dee fir all déi Betraffen derzou bäidroen kann, méi Kloeerheet ze schafen, wann et drëms geet, den Handy och emol op d'Säit ze leeën an net nach séier dee Message ze beäntweren.

An Zäiten, an deenen een ëmmer méi vernetzt ass, ass dëst Recht op Netvernetztsinn, d'Recht op Dekonnectioun, vun essentieller Wichtigkeet, an dofir wäerte mir dës Projet haut natierlech matstëmme.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Här President, Léif Deputéiert, villmools merci emol dem Rapportier fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport an och villmools merci allen Deputéierten,

déi hei d'Wuert geholl hunn an déi sech alleguer ganz positiv fir dëst Gesetz ausgeschwat hunn.

Jo, et ass e wichtegt Gesetz. Eis Aarbechtszäite sinn am Code du travail zwar scho gereegelt, an awer stelle mer fest, datt mir mat der Digitaliséierung a spëtstens och säit der Pandemie a spëtstens och säit dem Méiausbau vum Teletravail alleguerte quasi – oder net alleguerten, mee vill Leit – ronderëm d'Auer erreechbar sinn.

Ville Salariéen, deene geet et do wierklech net anescht wéi eis alleguerten heibannen: nach séier eng Mail kucken, nach séier en Dokument fäerdegmaachen, nach séier e puer Uriff maachen. An et ass net, well mer 24 Stonnen op 24, 365 Deeg op 365 ze erreeche sinn, datt dëst och onbedéngt gutt ass.

A vläicht misst ee mol méi dacks d'Lidd vum Tim Bendzko „Nur noch kurz die Welt retten“ lauschten a sech och bëssen Zäit huelen, fir den Text ze lauschten. An da kann ee sech emol den Text ukucken, fir datt ee sech vläicht erëm op déi méi wichteg Saache ka konzentréieren.

Well et kann een net méi esou gutt ofschalten an et kënnt een doduerjer och net méi zur Rou, an dat huet en Impakt op eis mental Gesondheet: Et gëtt ëmmer méi Leit mat Burnout, et gëtt ëmmer méi Leit mat Depressiounen. An Däitschland sinn et 10 % vun de Leit, déi eng Depressioun hunn. An de Gebrauch vun den Antidepressiva huet sech an deene leschte 15 Joer verduebelt. Aleng nëmme dat ass eng Katastroph! Et ass eng Katastroph fir d'Leit, déi an deene Situatiounen sinn, et ass awer och e Coût, deen enorm ass. Duerfir ass et derwäert, dass ee sech do Gedanken mécht.

An awer huet et och nach Auswierkungen, en Impakt, op eis Bezéiungen, et huet en Impakt op eis Kanner, et huet en Impakt op dat ganz gesond Ëmfeld vum Salarié. An nach gëschter um EPSCO-Conseil hei um Kierchbiert war dat och en Thema. Och do war déi mental Gesondheet en Thema. Mir hunn eis alleguerten do vill Gedanken drëm gemaach an och d'Dekonnectioun war do e Sujet. Jo, e Motor, deen iwwerhëtzt, wann en ze vill gefuerdert ass, an e Mënsch, dee brennt aus. Just, datt de Motor eng Saach ass an datt de Mënsch e Liewewiesen ass. An d'Aarbecht, déi dierf net krank maachen.

Ech ginn et net midd, fir ëmmer erëm drop hinzeweisen, fir et ëmmer erëm ze widderhuelen: Eis Salariéen, déi musse geschützt ginn, well ouni d'Salarié gëtt et keng Entreprene! A mir hätte jo gär, datt d'Entreprisë staark sinn, fir datt se kënne gutt fonctionéieren. E kranke Salarié, dee bréngt awer sengem Betrib näischt, wann en net ka schaffen. E generéiert en plus nach e Coût fir eist Gesondheetswiesen an e setzt och nach säin Ëmfeld an eng méi schwierig Situation.

An duerfir huet dann d'Regierung och decidéiert, den Droit à la déconnexion ze reegelen, an domadder léise mer dann och e Versprieche aus dem Koalitionsaccord an. De Code du travail, dee gëtt adaptéiert un déi nei Situation. A wéi Der gesitt, evoluéiert dann och hei eist Aarbechtsrecht alt erëm eng Kéier, et passt sech un. An et ass net, wéi verschidde Leit soen, datt et sech iwwerhaupt net géif upassen un d'Gegebenheiten.

Ech sinn awer och frou, datt dat Gesetz hei an engem Accord tripartite zustane komm ass. Dat ass u sech eng gutt Aart a Weis, wéi ee kann e Gesetzestext maachen. Ech sinn och frou, datt mer eis do konnten eenegen an datt mer eis och eens konnte ginn, fir déi Opposition-formellë vum Staatsrot hei awer esou eliminéiert ze kréien an dann hei en Text kréien, dee

mer haut kënne hei stëmmen a wou de Staatsrot dann och säin Accord duerno ka ginn.

Hei wëll ech awer och soen, datt de Conseil économique et social hei eng staark Basis geluecht hat fir deen heiten Text. Dee konnte mer esou ganz iwwerhuelen, fir en an d'Gesetz ze schreiwen. An ech soen hinnen och e grouss Merci fir déi gutt a flott Zesummenaarbecht. Nodeems den Text deposéiert gouf, hu mer nach e puer Ronne missen dréinen, mee et ass awer elo zu engem gudden Text hei komm.

Et ass e wichtegt Gesetz. An et ass e wichtegt Gesetz net nëmme fir d'Salariéen, wéi virdrun hei gesot gouf, mee et ass och e wichtegt Gesetz fir d'Patronen, well et gëtt deenen och eng gewësse Sécherheet an et gëtt deenen och virun allem gesond a produktiv Salariéen.

Merci fir Är Zoustëmmung a merci fir d'Nolauschten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen dem Här Aarbechtsminister Georges Engel Merci. D'Diskussion ass domat ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7890. Den Text steet am Document parlementaire 7890<sup>7</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7890 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention ugehall.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7890 est adopté à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Spautz) et Claude Wiseler ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### Motion 1

Da musse mer nach iwwert d'Motioun vum Här Marc Spautz befannen.



Kënne mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

#### Vote sur la motion 1

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Motioun ass domadder eestëmmeg ugeholl.

### 16. 8152 – Projet de loi portant modification de l'article L. 231-6 du Code du travail

Als Nächst hu mer de Projet de loi 8152, eng Ofännerung vum Artikel iwwert d'Sonndesaarbecht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An als Rapportrice vun dësem Projet de loi héiere mer elo d'Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

**Mme Francine Closener** (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Sonndesaarbecht ass am Prinzipp zu Lëtzebuerg verbueden. Allerdéngs gëtt et eng ganz Rei Ausnahmefäll, an deene Sonndesaarbecht ënner gewëssene Bedéngungen erlaabt ass. De Verbuet vun der Sonndesaarbecht geet op d'Joer 1913 zrëck, méi genee op d'Gesetz vum 21. August 1913. Schonn deemools goufen Ausnahmefäll festgehalen, an deene sonndes ka geschafft ginn.

Fir d'Muséeën gouf awer näischt virgesinn. Allerdéngs sinn d'Muséeën zu Lëtzebuerg wéi och soss iwwerall jo natierlech sonndes op. Dat ass duerch eng Ausnam am Code du travail méiglech, op déi sech d'Muséeën beruffen. An de sougenannten „entreprises de spectacles publics“ ass Sonndesaarbecht nämlech erlaabt. Juristesche gesi falen d'Muséeën allerdéngs net zu 100 % an dës Kategorie an dowéinst ass eng Upassung am Code du travail néideg.

Mir stëmmen haut also iwwer e Gesetz of, dat d'Sonndesaarbecht an de Muséeën am Code du travail reegelt. Dee respektiven Artikel vum Code du travail gesäit zéng Ausnahmepunkte fir, ënnert deene Sonndesaarbecht erlaabt ass. An duerch dëse Projet de loi gëtt nach en eelefte Punkt bei d'Ausname bäigesat, fir datt d'Muséespersonal ka sonndes aacht Stonne laang schaffen.

D'Muséeën hunn eng wichteg Roll an eiser Gesellschaft. Si erhalen a schützen de Räichtum vun eisem kollektive Patrimoine a maachen e fir d'Bierger accessible. Well d'Leit virun allem natierlech de Weekend Zäit fannen, fir an d'Muséeën ze goen, ass et ëmsou méi wichteg, datt d'Muséeën och sonndes op hunn, fir datt eebe méiglechst vill Leit vun dëser Offer kënne profitéieren.

De Projet de loi ass den 9. Februar 2023 vum Aarbechtsminister deponéiert ginn. Duerno hunn eng ganz Rei vu Beruffschamberen hiren Avis zum Projet ginn. Den éischten Avis ass den 21. Februar vun der Chambre des Métiers komm. D'Beruffschamber gëtt hiren Accord zum Gesetzesprojet a schwätzt sech an hirem Avis fir eng generell Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit aus.

De Staatsrot huet den 28. Februar säin Accord zum Projet ginn. D'Chambre de Commerce huet de 6. Mäerz och hiren Avis zum Projet ginn. Och si gëtt den Accord. D'Beruffschamber gëtt ze bedenken, datt et hirer Usicht no méi favorabel wier,

d'Sonndesaarbecht fir all Secteuren ze erlaben, amplaz mat Ausnamen ze schaffen. D'Chambre des Salariés huet de 16. Mäerz e favorabelen Avis zum Gesetzesprojet ofginn.

D'Kommissioun krut de 6. Abrëll de Gesetzesprojet presentéiert. An där Sëtzung goufen d'Avis vun de Chambres professionnelles a vum Staatsrot examinéiert an de Rapport ass de 27. Abrëll ugeholl a guttgeheescht ginn.

Här President, duerch dëse Gesetzesprojet gëtt also elo eng kloer juristesche Reegelung fir d'Sonndesaarbecht an de Muséeën geschafft, wat noutwendeg a gutt ass. Och ass et wichteg, datt d'Aarbechtskonditiounen vun de Salariéë, déi sonndes schaffen, net degradéiert oder verwässert ginn. Dowéinst gëllen och fir d'Muséesmataarbechter, déi sonndes schaffen, déi jëtzeg Reegelungen aus dem Code du travail.

An aus all dëse Grënn ginn ech hei natierlech och heizu den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen der Madamm Rapportrice Francine Closener villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Och e grouse Merci un d'Rapportrice, d'Madamm Francine Closener. Wéi mer déi Diskussioun gefouert hunn iwwert d'Sonndesaarbecht, fir sonndes ze schaffen oder net, hu mäi Kolleeg Aly Kaes an ech eis e bësse méi jonk gefillt. Dat geet nämlech op d'Joer 1988 zrëck, wéi hei zu Lëtzebuerg ... D'Madamm Closener hat et schonn ënnerstrach: Schon 1913 ass déi éischte Kéier hei iwwer e Sonndesaarbechtverbuet geschwat ginn, mee 1988 war hei zu Lëtzebuerg eng grouss Diskussioun, fir an der Industrie iwwerall sonndes ze schaffen, an do ware gréisser Manifestatiounen weinst enger Fabrick, déi sech ronderëm Colmer-Bierg befënnt. An déi Manifestatiounen hu stattfonnt an enger Hal, déi dem Här Schaaf ganz gutt bekannt ass, wou Dausende vu Leit waren, wou et deemools drëm gaangen ass, fir eng Aktioun „I love mäi fräie Sonndeg“ ze ënnerstëtzen, an och vun do un d'Gesetz vum 1. August 1988 komm ass, wat och bis elo nach ëmmer Gültigkeit huet. Dofir, wa mer elo iwwer Sonndesaarbecht schwätzen: Sonndesaarbecht ass säit 1913 nach ëmmer en Thema hei zu Lëtzebuerg gewiescht an et wäert sécherlech och nach laang en Thema bleiwen.

Ech mengen, datt et awer wichteg ass, dass mer grad bei de Muséeën an och nach bei ..., dass mer do och driwwer diskutéieren, dass een iwwert déi Reegel vun deene véier Stonne muss erausgoen, dass et muss méiglech sinn, dass och déi Muséeën dann op sinn, wann den Tourist, wann de Lëtzebuerger och d'Méiglechkeet huet, an de Musée ze goen. Et wier nämlech komesch, wann s de géifs soen: „Elo gi mer de Musée kucken“, an da stéings de virun der Dier an da wier de Musée zou an et wier net méiglech, dat do ze maachen. Et ass och do wichteg, déi néideg Akzenter ze setzen.

Mee ech mengen, dass een och – an do huet d'Madamm Closener eppes gesot, wat ech ka matënnerstëtzen – eng Kéier muss dat Ganz op de Leescht huelen an eng Kéier all déi Ausnamebestëmmungen, déi et gëtt, vläicht diskutéieren: Wat muss méi kloer definéiert ginn oder och net? Et geet net nëmmen ëm déi véier Stonnen, mee och dorën, dass een d'Diskussioun muss féieren: Wat ass noutwendeg a wat ass wichteg, och fir de Lëtzebuerger Standuert? An och:

Wat ass wichteg? Mir sinn an enger anerer Kommissioun amgaangen, iwwert d'Attraktivitéit vum Tourismus hei zu Lëtzebuerg ze schwätzen. Mir sollten och do déi Diskussiounen féieren, an et wier do och wichteg, dat an engem rouege Kader ze maachen an net an iergendenger forcéierter Situatioun. Well meeschtens, wann een ënner Drock eppes mécht, mécht een et net esou gutt, wéi wann och aner Méiglechkeete bestinn. An duerfir sinn ech där Meinung, dass mer do eng Diskussioun sollte féieren.

An ech géif och do de Minister froen ... Ech weess elo net, ob et nach duergeet an dëser Legislaturperiod, well et ass vläicht e bësse kuerz, mee dass een awer fir de Rescht eng Kéier eng Diskussioun doriwwer kéint féieren, fir do Adaptatiounen, déi noutwendeg sinn, kënnen ze maachen. Ech erënneren och un de Santésecteur: Wann déi op eemol géifen decidéieren, se géife sonndes net schaffen oder den Hëllefsektor oder d'Restauratioun, da wier dat och eng grouss Schwierigkeit. An duerfir mengen ech, dass een doriwwer eng Kéier misst diskutéieren.

Fir de Rescht wëll ech am Numm vun der CSV den Accord ginn zu dësem Projet de loi an ech hoffen, dass d'Attraktivitéit vun eise Muséeën domadder nach méi grouss gëtt an dass nach méi Leit elo wäerten dohinner kucke goen, wann elo d'Situatioun vum Personal an deem Fall gekläert ass.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Villmools merci, Här President. Ech géif ufänken, andeem ech der Rapportrice villmools Merci soe fir hir zwee Rapporten. Ech mengen, mat deem Gesetzesprojet hei gëtt eng vun de Grozonen, déi et haut nach gëtt, wat d'Sonndesaarbecht ugeet, behuuewen, spezifesch wat d'Muséeën ugeet.

Mee wéi awer och mäi Virriedner et scho gesot huet, gëtt et nach aner Secteuren, wou awer am Prinzipp och Sonndesaarbecht gelescht gëtt. Ech wëll just un de Secteur vum Sport erënneren, deen elo nach net ugeschwat ginn ass, och vu mengem Virriedner, eppes, wat mäi Kolleeg, de Claude Lamberty, och schonn e puermol ugeschwat huet, wat haaptsächlech d'Sporttrainere betrëfft, déi op Kompetitiounen awer dacks och sonndes intervenéieren, an et do eigentlech och e Kader misst ginn. Do wenden ech mech souwuel un den Aarbechts- wéi och un de Sportsminister, dee vläicht e Wuert ...

**Une voix** | Déi kenne sech jo.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | ... – déi sech kennen –, deen och vläicht e Wuert dozou ka soen. Et gëtt awer och nach aner Secteuren an dem Fräizäitberäich, déi et touchéiert sinn, wou mer mussen doriwwer schwätzen, dass et awer sonndes och méiglech muss sinn, och fir d'Attraktivitéit eebe vun deene Sitten, wéi et virdru scho gesot ginn ass, héichzehalen.

Als DP hu mer generell eng e bësse méi liberal Approche, wat och déi Sonndesaarbecht ugeet. Duerfir, bei deem heite Projet fanne mer dat gutt, well och d'Muséeën effektiv sonndes op sinn an déi meeschte Visiteuren och iwwert de Weekend hunn. Duerfir mécht et Sënn, dass eebe och sonndes do geschafft gëtt.

Ech ginn duerfir den Accord vun der Demokratescher Partei. A voilà, mir sinn oppe fir eng méi liberal Vue op d'Sonndesaarbecht.